N°3426
Entrée le 09.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.01.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

D'Regierung huet de 6te Januar nei Moossnahmen fir d'Facturatioun an der Kannerbetreieung (Chèques services d'accueil; CSA) ugekënnegt:

*"Une tarification uniforme sera appliquée dans tous les services d'éducation et d'accueil; ceux-ci ne factureront plus de supplément.* ***La facturation se fera selon les heures d'inscription de l'enfant et non plus selon un forfait d'heures imposé aux parents****."*

D'Elteren sollen also nëmmen nach déi Stonnen bezuelen, wou d'Kanner **reell** an der Crèche oder Maison relais sinn an net, wéi aktuell, wou d'Crèchen den Elteren ee feste Kontingent u Stonnen verrechnen, egal ob d'Kanner an der Crèche sinn oder net.

Mat dëser Moossnahm bestätegt d'Regierung u sech d'Kriticken, déi zenter Joren erhuewe goufen: Vill profitorientéiert Crèchen a Maisons relais hunn d'Elteren – an och de Staat – systematesch maximal Forfaiten verrechent, onofhängeg dovun, ob d'Kanner dës Stonnen effektiv genotzt hunn. A menger parlamentarescher Fro n°2156 hat ech schonn op déi Problematik opmierksam gemaach:

*"Aus dësem Grond musse vill Familljen op privat Kannerbetreiung zeréckgräifen, also oft bei profitorientéierten Déngschter. Hei leet de Staat awer "just" maximal 6€ pro Stonn bei. Verschidde Betreiungsstrukturen froen awer mol locker 8 bis 10€ d'Stonn. Mir leien och Kontrakter vir, wou ëmmer de maximale Montant u Stonnen verrechent gëtt, egal ob d'Kanner dës Stonne versuergt ginn oder net.*

*Vill Eltere mussen dann och an de Schoulvakanzen eng kräfteg Schëpp Sue bäileeën, well d'gratis*

*Kannerbetreiung hei net gëllt an d'Staatssubventioun da manner wéi 6€/Stonn bedréit. Verschidden Eltere bezuelen esou iwwert d'Summervakanz iwwert 1000€ de Mount, och wann si déi privat Maison relais net brauchen."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Deelt d'Regierung d'Aschätzung, datt d'Aféierung vun dëse neie Facturatiounsreegelen impliz éiert, datt et an der Vergaangenheet zu systemateschen onfaire Facturatiounspraktiken a bestëmmte Betreiungsstrukture komm ass?

2. Wéi ass de Meenungswiessel vun der Regierung komm, fir d'Facturatiounspratiken vun de Betreiungsstrukuten z'änneren?

3. Kann de Minister aschätzen, wéi vill de Staat an de leschte Joren u Betreiungsstonne matfinanzéiert huet, wou kee Kand betreit gouf?

4. Wéi eng Kontrollmechanismen goufen an der Vergaangenheet agesat, fir ze iwwerpréiwen, ob déi facturéiert Stonnen och tatsächlech geleescht goufen, a goufen dobäi Onregelméissegkeeten oder Verstéiss festgestallt?

5. Wéi wëllt de Minister an Zukunft verhënneren, datt eenzel profitorientéiert Strukturen no der Reform aner Facturatiounsmodeller entwéckelen, déi nees zu indirekten Forfaiten oder verstoppte Supplementer féieren?

6. Kann de Minister eng Evaluatioun gemaach, wéi vill profitorientéiert Crèchen wirtschaftlech guer net méi rentabel wäerte sinn, wann se net méi de maximale Forfait pro Kand dierfen verrechnen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3426 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Deelt d'Regierung d'Aschätzung, datt d'Aféierung vun dëse neie Facturatiounsreegelen impliziéiert, datt et an der Vergaangenheet zu systemateschen onfaire Facturatiounspraktiken a bestëmmte Betreiungsstrukture komm ass?**

D'Regierung stellt fest, datt et an der Praxis eng grouss Heterogenitéit bei de Facturatiounsmodalitéite gëtt, souwuel am konventionéierten ewéi am net-konventionéierte Secteur. Den aktuelle gëltege gesetzleche Kader erlaabt et net, fir d'Facturatiounsmodalitéiten eenheetlech a verbindlech ze reegelen.

De Gesetzesprojet betreffend de Chèque-service accueil (CSA) schaaft dës rechtlech Moyenen elo explizitt, andeems d'Facturatioun op Basis vun de reelle Präsenzstonnen an de Verbuet vu Supplemente kloer gesetzlech verankert ginn. D'Reform ziilt domat drop of, d'Facturatioun fir d'Zukunft transparent, kohärent an der aktueller Realitéit ugepasst ze organiséieren.

2. **Wéi ass de Meenungswiessel vun der Regierung komm, fir d'Facturatiounspratiken vun de Betreiungsstrukuten z'änneren?**

Dës Ännerungen entsprieche enger konsequenter Weiderentwécklung an Neiausriichtung vum Finanzéierungsmechanismus, deen zanter 2009 net méi ugepasst gouf an dofir elo un seng Limitte stéisst, besonnesch am Kontext vun enger ëmmer méi flexibeler Notzung vun de Betreiungsofferen.

D'Harmonisatioun vum CSA ass en ausdrécklecht Zil am Regierungsprogramm. Mat dem uewen erwäänte Gesetzesprojet ginn dës politesch Ziler elo operationaliséiert a rechtlech ofgeséchert, andeems d'Finanzéierung an d'Facturatioun besser op déi reell Betreiungsleeschtungen ofgestëmmt ginn. Et handelt sech deemno ëm eng strukturell Upassung un déi aktuell Realitéiten am Secteur.

3. **Kann de Minister aschätzen, wéi vill de Staat an de leschte Joren u Betreiungsstonne matfinanzéiert huet, wou kee Kand betreit gouf?**

Eng detailléiert Analys an dësem Kontext ass net méiglech, well déi reell Präsenzstonne vun de Kanner am net-konventionéierte Secteur net disponibel sinn. De Gesetzesprojet betreffend de CSA gesäit dofir vir, datt d'Erfaassung vun de reelle Präsenzstonne obligatoresch gëtt.

4. **Wéi eng Kontrollmechanismen goufen an der Vergaangenheet agesat, fir ze iwwerpréiwen, ob déi facturéiert Stonnen och tatsächlech geleescht goufen, a goufen dobäi Onregelméissegkeeten oder Verstéiss festgestallt?**

D'Fakturatiounsmechanisme goufen an der Vergaangenheet vum Ministère iwwerpréift, souwuel op Basis vu Reklamatiounen ewéi och am Kader vun interne Kontrollprozeduren. Dës Iwwerpréiwungen haten d'Zil, d'Konformitéit an d'Kohärenz vun de Fakturatiounspraxe par rapport zu de kontraktuellen an de gesetzleche Bestëmmungen ze evaluéieren.

Am Kader vum Gesetzesprojet betreffend de CSA ass virgesinn, déi gesetzlech festgeluechte Modalitéiten ze verdéiwen an ze präziséieren, fir eng méi kloer an eenheetlech Applikatioun ze garantéieren.

5. **Wéi wëllt de Minister an Zukunft verhënneren, datt eenzel profitorientéiert Strukturen no der Reform aner Facturatiounsmodeller entwéckelen, déi nees zu indirekten Forfaiten oder verstoppte Supplementer féieren?**
6. **Kann de Minister eng Evaluatioun gemaach, wéi vill profitorientéiert Crèchen wirtschaftlech guer net méi rentabel wäerte sinn, wann se net méi de maximale Forfait pro Kand dierfen verrechnen?**

D'Verrechnung vu Supplemente gëtt am Gesetzesprojet verbueden an däerf deemno net méi applizéiert ginn. Zousätzlech gesäit de Gesetzesprojet vir, datt d'Familljen eng Offer wielen, déi a maximal 2-Stonne-Bléck opgedeelt ass, soudatt eng Forfait-Logik duerch gesetzlech Dispositiounen net méi méiglech ass.

Fir d'Kontinuitéit an d'Qualitéit vun der Offer ze garantéieren, gëtt en neie Finanzéierungsmechanismus agefouert, deen eng gewësse Stabilitéit soll bidden. Dëse Mechanismus ziilt notamment drop of, déi méi flexibel Facturatioun vun de Betreiungsstonnen auszegläichen. Gläichzäiteg implizéiert en awer och, datt – falls trotzdeem weiderhi verstoppt Forfaiten applizéiert géife ginn – déi effektiv staatlech Kompensatioun entspriechend reduzéiert gëtt.

Mat dësem Mechanismus huet de Gestionnaire deemno kee finanziellen Ureiz méi, onproportional oder demesuréiert Stonnen ze facturéieren.

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH